ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 16/10/2025

Rapport vun der Kommissioun fir de Klima a nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 17 Juin 2025

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Thierry EVERAD Luc ELSEN Carlo KOEPP (Rapport) Patrick KRAEMER Louis MALHERBE Joske VOSMANN Gilles WETZEL Carole WINTERSDORF Pascal WIRTZ	Louis MEYER (entschëllegt) Patrick EVERARD (entschëllegt)	

Dagesuerdnung

Déi follgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Rapport vum 12 Mäi 2025
3. Virbereedung Repair Café den 21. Juni 2025
4. Weider Diskussioun iwwer "Erneierbar Energien"
5. Nächst Sëtzung

Helperknapp, 16/10/2025

Punkt 1 : Begréissung, Präsenzelëscht

8 vun 11 Memberen ware präsent.

Punkt 2 : Rapport approuvéieren

De Rapport vum 12 Mäi gouf approuvéiert.

Punkt 3 : Virbereedung Repair Café den 21. Juni 2025

Mir hunn opgelëscht wat mir brauchen a wenn sech drëm këmmert

- Material
  - D' Repairer hunn an der Reegel alles dobäi
  - Verlängerungen an der Reserve halen
- Technesch Ausrüstung
  - Wifi Passwuert ufroen beim Yves Munchen
- Organisatioun
  - Dësch & Still fir d'Aarbecht sinn do, mussen opgestallt ginn
  - Tableau, Reparatur Fichen & Stëfter fir Reparaturen ze dokumentéieren
  - Këschten fir Donen
  - Poubellen/Këscht fir Offäll
- Gemittlechkeet
  - Gedrénks, Helper Waasser, Spruddel, Béier, Cola, Jus a Kaffi/Mëllech
  - Fir den klenge Honger, Croissanten an Pain au Chocolat
  - Glieser, Tasen, Läffelsgeschier, Telleren an Zerwéiten
  - Spulllomp, Schwamm, Diecher a Spullmëttel

Et ass nach eng kéier iwwerpréift wenn participéiert, vun eis do ass a vun de Repairer

Verschidde Repairer waren ufangs an der Sëtzung präsent.

Punkt 4: Weider Diskussioun iwwer "Erneierbar Energien"

Et ass eng Fortsetzung vun der leschter Kommissiounssëtzung zum Thema wéi erneierbar Energien zum Stroum Konsum a Lëtzebuerg kënnen bäidroen. Verschidden Punkten gouf abruecht.

- D' Ofhängegkeet vum Ausland reduzéieren, den Ukrain Krich huet dësen Aspekt verstäerkt (Thierry)

- Bis elo goufen mindestens 6 Batterie Container (eem 200-250 kWh / Container) am Land installéiert. Tëschent Keespelt am Quatre-Vents wieren 2 weider Projeten virgesinn (Thierry)
- Den Heischtergronn bei Géisdref mat der fréierer Antimon Minn gouf erwäänt (Louis M.)
- Eng grouss AGRI-PV Anlag vun 36 MWp ass op der Rooster Müll-Deponie geplangt (Thierry)
- De Recyclage vun den Anlagen spillt och eng Roll. Notamment d' Wandrieder wieren net gutt ze recycléieren. (Pascal)

  Mir maachen eis schlau fir déi nächst Reunioun.
- Den Thierry mengt och dat Promotioun relevant ass, och an den sozialen Medien.
- **De Joske huet proposéiert nächstens eng Visite vum Energie Park Biekerech ze maachen**.

5: Nächst Sëtzung

Et gouf leider keen Datum festgeluecht. Nächsten Termin Enn September, ufangs Oktober.

Méiglech Punkten fir Dagesuerdnung:

1. Retouren, Demanden aus der Gemeng
2. Nächste Repair Café
3. Divers

Wann dir weider Virschléi huet, schéckt se gären un eise President.